Lëtzebuerger
Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher

Wëllefcher

## Versammlung(en) zum Thema „Best of Naturdag"

Hei fannt dir verschidden Atelieren vun eisem Naturdag erëm, déi een och ouni Weideres zu Corona-Zäite mat de Wëllefcher maache kann. Dir kënnt dës Aktivitéiten alleguer maachen an domat puer Versammlunge fëllen, oder dir pickt Iech just déi Aktivitéiten eraus, op déi dir Loscht hutt. Eventuell kënnt Dir jo och eng Sortie vun engem ganzen Dag mat dësen Inspiratiounen fir är Wëllefcher organiséieren. Natierlech kënnt Dir déi Atelieren och all a Geschichten apaken, déi ronderëm ee bestëmmten Thema dréinen. Ärer an äre Wëllefcher hirer Phantasie si keng Grenze gesat! Vill Spaass!

Mir hunn d'Iddien no deene 5 Beräicher vun der neier Method (De Kierper, de Geescht, dat Sozialt, d'Gefiller an dat Spirituellt) opgedeelt. Dodurch kënnt dir vill verschidden Elementer an är Versammlungen abauen.

| | |
|---|---|
| De Kierper | - Peffermënztéi aus fréscher Mënz<br>- Mini-Pizza<br>- Schnëtzen<br>- Bamstamm-Wäitworf |
| De Geescht | - Quiz: Wéi eng Kraider eegene sech fir Téi a wéi eng net?<br>- Spill: Farben sehen<br>- BëschXylophon<br>- Besch-Bingo |
| Dat Soziaalt | - mat de Saachen aus dem Bësch zesummen e Minigolfparcous bauen<br>- mat Kuelestëfter engem anere Wëllefchen eppes léiwes molen oder schreiwen.<br>- Kanner gestalten a klenge Gruppen ee Bam-Mobilé<br>- Millchen |
| D' Gefiller | - e Bam-Monster aus Lehm: Ass däi Monster grujeleg genuch, dass du dech virun him fäerte kanns? Oder hues du extra net esou grujeleg gemaach, fir dass du net fäerte muss? Wat deed dech soss fäerten?<br>- Lieblingsplaz dobaussen genéissen |
| Dat Spirituellt | - Geräischkaarte molen<br>- Phantasiereesen |

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher & Programmekipp
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg
wellefcher@lgs.lu | wellefcher.lgs.lu | Facebook : LGS – Wellefcher - Chef

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

## Annexe 1: Beschreiwungen Kapitel „De Kierper“

1) **Peffermënztéi aus frëscher Mënz** (Material: frësch Peffermënz, evt Hunneg oder Viiz fir ze séissen)

Esou geet et: Kach d'Waasser um Feier, lee d'Peffermënz dran a looss et zéien. Schëdd et herno an de Becher. Wanns du wëlls, kanns du mat Hunneg oder Viiz e bësse séissen.

2) **Mini-Pizza** (Material: Miel, Waasser, Hief, Salz, Tomatenzooss, Ham, Zoossiss, Pesto, Mozzarella…)

Entweder préparéiert de Chef den Deeg an deelt de Wëllefcher eng kleng Portioun dovun aus oder all Wëllefche probéiert a senger eegener Schossel e klengen Deeg ze maachen!

D'Wëllefcher kënnen hier Pizza mat denen Zutaten beleeën, op déi si Loscht hunn. Wa si wëllen kenne si och eng Calzone maachen (Do lee si just op déi eng Halschent vun der Pizza puer Zutaten a klappe se dono zesummen). Dono ginn d'Pizzaen op de Grill geluecht a si geschwë prett fir giess ze ginn!

3) **Schnëtzen** (Material: e Messer pro Kand)

Dir kënnt d'Wëllefcher fräi schnëtze loossen, awer et gëlle verschidde Regelen:

- Schnëtz vum Kierper fort!

- Schnëtzen am Sëtzen !

- Looss 1 Meter Ofstand zwëschent dir an dengem Noper!

4) **Bamstamm-Wäitworf** (Material: Bamstämm)

Jidderee sicht sech ee Stéck vun engem Bamstamm. Da probéiere mir dësen sou wäit wéi méiglech am Schossfeld ze schéissen! Ween kritt am wäitste geschoss?

Regelen:

- Du duerfs net egal wouhi schéissen!

- Kuck gutt ob net een anert Kand oder e Chef an denger Schosslinn steet!



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

## Annexe 2: Beschreiwungen Kapitel „De Geescht“

1) **Wéi eng Kraider eegene sech fir Téi a wéi eng net**? (Material: vill verschidde Kraider) D'Kanner kréie vill verschidde Kraider gewisen. Si probéieren ze soen, wéi déi jeweileg Kraider heesche a si solle soen, wéi eng Kraider een an den Téi maache kann a wéi eng net. (wéinst Corona empfehle mir, si net un de Kraider richen ze loossen;-) Eventuell kann all Kand sech dono an engem klenge Glas säin eegenen Téi zoubereden.

Hei ass eng Auswiel u Kraider, déi een huele kann fir Téi:

- Peffermënz
- Zitronenmelisse
- Rosmarin
- Oregano
- Basilikum
- Péiterséilech
- Salbei
- Lavendel
- Rousebliedder
- Bratzelen
- Kamillen
- Margréitchen

Dann eegent sech och gedréchent Uebst gutt fir an den Téi: Orange- Äeppel- Zitroun- Wuezelen- Tomat- Banane- Bier. Dest Uebst kënne mir op 50-70 Grad +- 5-7 St. am Schäffchen dréchenen. En holzene Läffel teschent Diir vum Schäffchen klemmen fir dass Fiichtegkeet eraus kënnt. Bei sonnegen Wieder kann een Orangen, Zitrounen.- Äeppelschuelen oder Äeppelschnëtz och dobaussen dréchenen, awer nët an der praller Sonn.

Hei nach e puer Rezepter:

***Salbei-Zitronenmelisse:*** *In gleichen Teilen Pfefferminz, Salbei und Zitronenmelisse – auch mit Chili und Ingwer vorzüglich.*

***Flowerpower:*** *Zitronenmelisse, Malvenblüten, Kornblumenblüten, Ringelblumen, Rosenblätter, Gänseblümchenblüten, alles getrocknet etwa 5-8 Minuten ziehen lassen (kein kochendes Wasser 60-80° Grad)*

***Tee gegen Frühjahrsmüdigkeit: In gleichen Teilen*** *Gänseblümchen, Salbei, Schafgarbe, Holunderblüten. Füge optional noch einen Teil Brombeerblätter und/oder Schlüsselblumenblüten gegen verschleimte Atemwege hinzu. Für eine Tasse Tee einen Teelöffel der Mischung mit kochendem Wasser übergießen und fünf Minuten ziehen lassen. Dreimal am Tag eine Tasse genießen.*

***Rezept für Kinder-Früchtetee***

*Für diese Mischung brauchst du die folgenden Zutaten: 30 g Hagebuttenschale, 30 g Apfelschale, 30 g Himbeeren, 10 g Brombeerblätter oder Hibiskusblüten*



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

***Bananentee:***

*1 x Bio-Banane, 1 x Zimt (eine Messerspitze voll), 1 x Teelöffel Honig, 1 x 0,5 Liter Wasser*

*Zubereitung des Bananentees: Als erstes setzt Du das Wasser auf und bringst es zum Kochen. Danach scheidest Du die Banane am Ende ein (einfach die Beiden Enden abschneiden). Die so behandelte Banane legst Du nun samt Schale in das kochende Wasser und lässt sie für ungefähr 10 Minuten in dem Wasser ziehen. Den Herd kannst Du dabei schon ausmachen. Den so gewonnenen Tee kannst Du mit Zimt und Honig verfeinern.*

***Rezept für Kinder-Kräutertee***

*30 g Erdbeerblätter, 30 g Brombeerblätter, 20 g Pfefferminze, 20 g Melisse oder Zitronenverbene. Alle Zutaten vermischen und in einem geschlossenen Gefäß aufbewahren. Für die Zubereitung des Tees die passende Menge Teekräuter mit kochendem Wasser übergießen. Vor dem Trinken durch ein Sieb gießen. Je mehr du von der Mischung nimmst und je länger du den Tee ziehen lässt, umso intensiver wird der Geschmack. Durch Experimentieren kannst du leicht die für dich passende Zubereitung herausfinden.*

2) **Farben sehen** (Material: /)

Dest Spill kennt dir zu souvill dir wëllt spillen. Wann dir zu 2 sidd, stellt iech Réck u Réck. Wann dir zu méi wéi 2 sidd, stellt iech an ee Krees, awer kuckt all no baussen. Ouni de Kapp ze dréien, probéiert dir Iech all Faarwen ze mierken, déi dir gesidd. Erzielt iech dono all zesummen, wéi eng Faarwen dir gesinn hutt a waat dir gesin huet…

3) **Bësch-Xylofon** (Material: Äscht, Ficelle, evt eng See)

Sicht Äscht vun ±3-4cm Déckt a briecht oder seet des Äscht a verschiddene Längten durch. Beim Seeën soll ee Chef hëllefen. Hänkt se mat enger Schnouer un een aner Aascht an hänkt se der Gréisst no op. Wëllt dir heich Téin spillen, da seet d'Äscht nach e bëssen of.

4) **Bësch-Bingo** (Material: Bingo-Kaarten, 1 Faarw pro Kand)

D'Kanner huele sech eng Bingo-Kaart, an kënnen aleng duerch de Bësch lafen, fir d'Saachen op der Kaart erëmzefannen. Wa si eng Saach fanne, sträichen si des Saach op der Kaart duerch. Soubal si eng ganz Rei fonnt hunn, hu si Bingo!



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

## Annexe 3: Beschreiwungen Kapitel „Dat Soziaalt"

**1) Mat de Saachen aus dem Bësch zesummen e Minigolfparcours bauen** (Material: Ficelle, Bëschmaterial)

Mat décken Äscht kënnt dir ären Terrain bauen. Sicht iech e Start an een Zil. Maacht den Terrain sou liicht/ schwéier wéi dir Loscht hutt (Bierger, Zickzack, Looping, Tunnel…)

Sicht Iech dono zwee gutt Bengelen (kleng + grouss) an eng Ficelle fir de Schléier ze bauen.

**2) Mat Kuelestëfter engem anere Wëllefchen eppes Léiwes molen oder schreiwen** (Material: Bengelen aus Weedenholz, Béchsen, Sand, Feier, Blieder)

Mat Bengelen aus Weedenholz kënnt dir ganz einfach Kuelestëfter maachen. Dir braucht Bengelen déi sou laang wéi eng Hand, an sou déck wéi e Fanger solle sinn! Mir fëllen eng Béchs mat Sand a stiechen d'Bengelen do dran. Da leeë mir des Béchs an d'Feier a waarden eng Stonn. Dono loosse mir de Sand ofkillen, huelen eis Stëfter aus der Béchs eraus a kucken ob si prett si fir ze molen. Wann se net ganz verkuelt sinn, musse mir se nach emol zeréck an d'Feier setzen.

Dono siche mir eis e schéint Blad a molen oder schreiwen engem anere Wëllefchen ee léiwe Message!

**3) Kanner gestalten a klenge Gruppen e Bam-Mobilé** (Material: Ficelle, Bëschmaterial)

D'Kanner delen sech a kleng Gruppen op. Si sichen sech flott Material am Bësch eraus, a bastelen doraus e Mobilé fir herno op e Bam ze hänken.

**4) Millchen** (3 Steng pro Kand, evt Stoff, Lieder, Stofffaarwen)

Dëst Spill geet zu 2! All Spiller brauch 3 Steng. Dir kennt mat engem Spillplang spillen, deen d'Cheffen am Viraus prett geluecht hunn oder dir kënnt Iech awer mat Stoff, Stëfter an enger Schéier en eegene Spillplang bastelen.



<u>Wéi geet et?</u> Du muss probéieren 3 Steng niewentenee geluecht ze kréien. Ofwiesselnd leet deen ee Spiller e Steen an duerno deen aneren. Wann's du der 3 niewentenee hues, dann däerfs du deem aneren 1 Steen ewechhuelen. Wien als éischt just nach 2 Steng huet, verléiert dës Partie.



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

## Annexe 4: Beschreiwungen Kapitel „D'Gefiller"

**1) Bam-Monster aus Lehm** (Material: Lehm, Naturmaterialien)

All Wëllefche kritt e besse Lehm aus engem Pak a soll sech dono ee Bam eraussichen. Da kréie si Zäit fir Blieder, Äscht oder soss Naturmaterial ze sammelen a sollen domadder ee Gesiicht op de Bam „pechen"(de Lehm ass hei de „Pech"). Si sollen hiert Bam-Monster sou schéin oder sou grujeleg wéi méiglech maachen☺!

**2) Lieblingsplaz dobaussen genéissen** (Material: evt Hängematten, Carrymatten)

All Wëllefche sicht sech eng schéi gemittlech Plaz am Bësch a sëtzt/leet sech dohinner ( si kënnen sech och op Carrymatte leeën, resp an d'Hängematten, wann d'Cheffen där am Viraus dohi geluecht hunn bzw. opgehaang hunn).

Da solle si sech déi Plaz wou si elo sëtzen oder leien gutt ukucken, si kënnen sech och ee besonnesche Bam/ Planz/Blumm gutt ukucken, ronderëm sech richen.

Wann déi éischt erausgesichen Plaz hinnen awer net méi grad esou gutt gefält, solle si och d'Méiglechkeet hunn, sech eng aner Plaz erauszesichen, wou si sech méi wuelfillen. Wa si wëlle, kënne si hirer schéiner Plaz och en Numm ginn an dann einfach hir roueg Zäit op hirer Plaz genéissen.

## Annexe 5: Beschreiwungen Kapitel „Dat Spirituellt"

**1) Geräischkaart** (Material: eidel A5-Blieder, Stëfter oder Bicer)

D'Wëllefcher solle sech ee Blad an e Bic huelen an sech dono eng gemittlech Plaz am Bësch sichen. (Falls den Atelier „Kuelestëfter" ugebuede gouf, kënne si an dësem Atelier och de Kuelestëft huelen → Beschreibung Kuelestëfter an der Annexe 3:Dat Soziaalt).

Da soll all Kand sech e puer Minutten Zäit huelen, fir déi Saachen op säi Blad ze molen, déi et an der Natur ronderem sech héiert.

Herno kann een zesummen iwwer déi Saache schwätzen déi d'Kanner héieren hunn, bestemmt ginn et Saachen déi jiddereen héieren huet, vläit ginn et awer och Saachen déi just ee Kand héieren huet? Oder ginn et Geräischer, wou d'Kanner net wousste vu wat se géife kommen?



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

**2) Entspanungsübung A: E Spadséiergang mat den Aen** (Material: /)

D'Kanner leeën sech gemittlech op eng Plaz ënnert Beem. Si maachen d'Aen zou!

ERZIELTEXT:

Mir huelen ons Hänn a reiwen se esou laang bis si gutt waarm sinn.

Elo leeë mir se op ons zouen Aen.

Spiers du wéi waarm et ass. Looss deng Hänn nach e bësschen op den Aen léien a genéiss d'Wäermt.

Huel elo deng Hänn lues ewech a looss deng Aen zou.

Probéier, deng Aen, deng Stier, deng Baken däi Gesiicht ze spieren.

Elo kanns du deng Aen erëm lues opmaachen.

Bleif leien a kuck an d'Beem.

Beweegen se sech?

Gesäis du wéi d'Loft doduerch geet.

Kanns du d'Sonn gesinn?

Kuck an den Himmel? Si Wolleken do? Wat fir eng Formen entdecks du um Himmel?

Kuck dir d'Bamkroun un!

Wat fir eng Blieder huet de Bam.

Gesäis du villäicht e Vugel am Bam oder Mécken déi ronderëm fléien?

Wander mat dengen Aen de Bamstamm erof. Wéi gesäit dem Bam seng Schuel aus?

Kuck dem Bam seng Äscht. Wat fir eng Formen hunn se?

Maach deng Aen erëm zou a looss de Bam nach e bësschen op dech wierken.



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

Elo kanns du d'Aen erëm opmaachen. Wann s du wëlls, kanns du erzielen wat s du entdeckt hues.

**3) Entspanungsübung B:** Phantasierees mam Apel (Material: en Apel fir jiddereen)

All Kand kritt en Apel an d'Hand - kucke – fille – richen .....

Mir halen den Apel an der Hand, huelen ons Zäit fir ons bequem dohinner ze setzen , a maachen d'Aen zou....

---------------------------------------------------------------------------------------------------

Ech erzielen dir elo d'**Liewensgeschicht** vun dengem Apel...

Däin Apel ass e Stéck vun der Natur.

Et ass Fréijoer. D'Sonn schéint.

Op enger Wiss stinn e puer Uebstbeem.

Ee vun deene Beem ass en Äppelbam

Mat sengen décke Wuerzele steet en fest am Buedem.

Hien huet eng grouss Kroun mat festen Äscht.

Wann s du genau kucks, da gesäis du wéi un de Spëtzte vu sengen Äscht kleng Knospen entstinn.

Vun der Sonn gëtt de Bam gewiermt. Dat deet him gutt.

Heiansdo geet e liichte Wand duerch de Bam.

E liichte Reen suergt dofir, dat et dem Bam gutt geet.

No e puer Deeg, huet de Bam sech verännert.



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG 1856

Déi kleng Knospe sinn opgaangen, an elo ass de Bam voll vun hellrosae Bléien.

Beien an Hummele loossen sech am Bam neier. Si droen de Blütenstaub vu Bléi  zu Bléi.

Aus enger vun deene Bléien ass däin Apel gewuess.

Kuck dir déi Bléi emol genau un.

Fest ass si um Aascht verwuerzelt.

Si léisst sech net vum Wand mat ewechblosen.

Zäit vergeet. D'Sonn schéint..

Duerch de Reen kritt de Bam gréng Blieder.

An och deng Bléi huet sech verännert.

Wann s du gutt kucks, da kanns du schonn däin Apel erkennen.

Hannert der Bléi, kleng awer scho gréng a ronn, do wiisst  däin Apel.

De Bam gëtt dem Apel d'Kraaft fir ze wuessen.

D'Sonn gëtt him Energie.

De Reen gëtt him dat néidegt Waasser.

Duerch d'Wuerzele kritt de Bam Nahrung a gëtt se un den Apel weider .

Den Apel gëtt ronn an deck.

Heiansdo lafe Sejomëssen  iwwert seng glat Schuel, oder eng kleng Spann kraucht driwwer, mee dat deet em Apel näischt.

Den Apel wiisst weider a kritt schonn eng liicht aner Faarf.

Elo ass et un der Zäit, dass d'Äppel gepléckt ginn.

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher & Programmekipp
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg
wellefcher@lgs.lu | wellefcher.lgs.lu | Facebook : LGS – Wellefcher - Chef

E grousse Merci un eis Sponsoren

Lëtzebuerger
Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher

Wëllefcher

Vill Äppel si schonn duerch de Wand erofgefall, mee däin Apel hat Chance, hie konnt sech nach festhalen.

Vun enger Hand gëtt hie gepléckt, an an eng Këscht geluecht, niewent vill aner Äppel.

An esou mécht sech den Apel op d'Rees bis hei bäi dech....

---

Mir maachen d'Aen op...... a kucken ons den Apel nach emol un.

Erfarungen/Gedanken  austauschen déi mir wärend der Übung gemaach hunn..

.... a Rou genéisse mir den Apel....

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher & Programmekipp
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg
wellefcher@lgs.lu | wellefcher.lgs.lu | Facebook : LGS – Wellefcher - Chef

E grousse Merci un eis Sponsoren